

maximalen Taux vu 5 % vum sougenannten agro-alimentäre Biospritt, deen aus der éischter Generation. Dat begrëssen ech. De Biodreistoff, also dee spezifesch agroalimentäre Biodreistoff, huet nämlech de Risiko vun der Ofholzung vun de Bëscher a kann zu Monokulture féieren. Dat erkenne mer un an do dergéint géllt et ze schaffen, mat dem Schutz vu Bëscher an dem Verbuet, fir Iessplanzen unzabauen, just fir fir Biodreistoff ze produzéieren.

Mee e gëtt eis och d'Méiglechkeet, onofhängeg vun Exportlänner vu fossille Dreistoffer ze sinn, gläichzäiteg tausche mer u sech eng Ofhängegkeet géint eng aner an. Ob dat elo wierklech besser ass, ech stellen dat emol an de Raum.

An deem Sënn gëtt jo och de Biospritt aus der zweeter Generation, dee besseren, aus Offäll vun der Agrar- a Liewensmëttelbranche, also aus Produiten, déi net als Konkurrenz zu eiser Liewensmëttelproduktion stinn, hiergestallt. En ass also méi nohalteg. Dann hätt ech mer elo gewënscht, datt Lëtzebuerg net nëmme haut besser ass wéi déi aner Länner, mee och an Zukunft seet: „Mir wëlle méi séier wéi déi aner Länner op Null kommen, net bis 2030.“

Jo, virun de Walen hat de Kolleg Marc Goergen eng Fro gestallt un d'Regierung, wéi se dat da wéilt evaluéiere loossen. An du krut en als Äntwert, datt dës Fro an den Zoustännegkeetsberäich vun der nächster Regierung géif falen.

(Interruption)

Bon, elo si mer bei der nächster Regierung an dann hunn ech an der Kommissioun nogefrot, an do ass et dann awer nach ëmmer sou, datt mer ab dem 1. Januar elo, wa mer dat hei gestëmmt hunn, weiderhin 2 % Dreistoff aus der éischter Generation däeren am Spritt hunn. Et ass besser wéi 5 %, certes. Et ass awer nach ëmmer net super. A virun allem hätt ech mer gewënscht, datt mer e klere Plang hätten, virun 2030 op Null ze kommen. Op Nofro hi gëtt et dee Plang awer net. Mir hätten eis do méi Ambitioun gewënscht.

Dat ëmzesetzen, ass net einfach, well mir hänke jo vun der Belsch of. Mir importéieren eise ganze Spritt iwwer d'Ausland, mir hu keng eege Sprittproduktion, et ass also elo net sou einfach, fir ze soen: „Mir ginn op Null“, an et ass gemaach. Mir hätten eis et awer gewënscht, datt mer wéinstens d'Ambitioun géife weisen. An anere Beräicher ass dës Regierung jo ganz staark, fir einfach emol ze dekrétéieren, datt et eppes net méi gëtt. Bon, hei hätt ee jo och kënnen dekrétéieren, datt mer wëllten op 0 % Palmueleg am Spritt kommen. Dat ass net gemaach ginn, datt ass deen ee grouse Kritikpunkt un deem heite Projet.

Fir de Rescht: Jo, et ass gutt, datt mer méi Biodreistoffer an eise Spritt mëschen – ob elo 8,4 % sou substanzuell besser ass wéi 8 %, dat stellen ech emol an de Raum, mee et ass e klengen, minimale Schrëtt an déi richteg Richtung. An dofir gi mer eisen Accord.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Ganz gutt!

M. Claude Wiseler, Président | Merci. Ech hunn elo den Här Hansen, deen d'Wuert gefrot huet. Här Hansen, wollt Dir Iech aschreiwen oder wollt Dir dem Här Clement eng Fro stellen?

M. Christophe Hansen (CSV) | Ech wollt dem Här Clement eng Fro stellen.

M. Claude Wiseler, Président | Här Clement, erlaabt Dir, datt den Här Hansen Iech eng Fro stellt? Dann ass et um Här Hansen.

M. Christophe Hansen (CSV) | Merci, Här President.

Ech wollt dem Här Clement eng Fro stellen. Palmueleg ..., ech mengen, mir sinn eis bewosst, mir wëllen net, datt iergendwou Bëscher ofgeholzt ginn, fir Palmueleg ze produzéieren, deen dann duerno an eise Tank soll landen. Ech mengen, do si mer eis all eens. Ech wollt Iech just froen, ob Der Iech bewosst sidd, datt mer am Europaparlament a mam Conseil zesummen – ech war de Rapporteur derfir – e Reglement gestëmmt hunn an duerchbruecht hunn, dee justement sou Produkter ..., siwe Produkter sinn am Champ d'application dran, déi ab dem Stéchdatum 2020 ..., dat heescht, alles wat no 2020 ofgeholzt gi war fir ze produzéieren ... Palmueleg ass am Champ d'application dran, dat heescht, de facto ass Är Remark a mengen Aen net méi relevant, vu datt mer keng Produkter méi eranhuelen, déi op Deforestatioun baséieren. Sidd Der Iech däers bewosst, datt mer dat Reglement hunn?

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Här Clement?

M. Sven Clement (Piraten) | Jo, ech si mer bewosst, datt mer dat Reglement hunn. Ech stelle just fest, datt Palmueleg nach ëmmer Monokulture sinn an datt Monokulturen definitiv net derzou bäidroen, eis Klimaziler méi séier ze erreechen. An deementsprechend wäert ech mech och weiderhin derfir asetzen, datt an eise Spritt kee Palmueleg, ob 2 % oder 5 %, dra soll sinn. Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Voilà, den nächsten ageschriwwene Riedner ass dann den Här David Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Jo, merci. Merci, Här President. Mir wäerten dat Gesetz och net matstëmmen. Mir gesinn och an, souguer opgrond vun dëser Diskussioun vum Biospritt vun zweeter Generation, datt mer deen och kënnen weiderhi limitéieren ..., si mer ëmmer nach der Meenung, datt u sech och d'Produktioun selwer vu Biospritt nach ëmmer och op fossill Energie muss zréckgräifen, datt d'Produktioun vu Biospritt och nach ëmmer e groussen Emetteur vun CO₂ weiderhin ass. An de Problem ass jo deen, datt mer u sech mussen an eng aner Logik kommen, amplaz wëllen einfach esou dat eent géint dat anert ze ersetzen, wat erëm op dat selwecht erauskënnt.

Et muss een u sech den Energieverbrauch selwer reduzéieren, den Energieverbrauch op de Stroossen, an den ëffentlech Transport massiv ausbauen, d'Elektifizéierung massiv ausbauen. Aus deene verschiddeenen Ursache wäerte mer deen heite Projet de loi och net mat ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner.

Dann ass et elo un der Regierung. D'Regierung huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Merci, Här President. Ech kann hei och kuerz sinn. Ech soen och nach eng Kéier Merci fir déi breet Zoustëmmung, mat eenzelnen Ofstrécher. Ech wëll awer just dräi Präzisiounen ginn.

Dat hei, datt ass keng Erfindung vum Lëtzebuurger Staat, dat geet zréck op eng Direktiv vun 2009. Ech wëll och scho soen, dass mer bei der Baimeschung vun de Biocarburanten, oder Biodreistoffer, wéi dat da vläicht méi Lëtzebuergesch klénkt, vun 2 % am Joer 2011 eropgaange si bis 8 % am Joer 2022. 2023 hat déi fréier Regierung decidéiert, dass een näischt géif zousetzen, an elo 2024 gi mer dann op 8,4 %, fir bis 2030 weiderzefuere bis op 10 % Baimesche vu Biodreistoffer am Kontext vun dem Carburant. Dat Ganz, fir dann déi Ziler vun dem PNEC, nämlech

18 % erneierbar Energie um Niveau vum Transport, ze erreechen.

Nach eng Kéier: Dës Regierung wäert wéi hir Virgängerregierung un den Ziler vun dem PNEC festhalen, an dofir sinn ech och frou, dass dës Projet eng grouss Zoustëmmung kritt. Ech wëll awer och an aller Transparenz hei soen: Den Ennclient kascht dat natierlech och eppes! An dat ass an dësem Fall ëmgeréicht – ech mengen, dat soll ee soen – 1 Cent pro Liter verbrauchtem Bensinn oder Diesel.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Voilà, domat ass d'Diskussioun dann elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8344. Den Text steet am Document parlementaire 8344².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8344 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. De Vote par procuration. De Vott ass elo ofgeschloss.

D'Resultat ass dat folgend: Jo-Stëmmen: 53, Nee-Stëmmen: 6, Abstention: 0. De Projet de loi ass also mat 53 Jo-Stëmmen géint 6 Nee-Stëmmen ugehall.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8344 est adopté par 53 voix pour et 7 voix contre.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Diane Adehm), Paul Galles (par M. Max Hengel), Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marc Spautz) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Jo? Dann ass dat esou ugehall. Dann ass dat esou decidéiert.

11. 8277 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière en vue d'autoriser l'État à participer au financement des gardes et astreintes des médecins hospitaliers dans les centres hospitaliers et les établissements hospitaliers spécialisés

Als nächste Punkt um Ordre du jour vun haut steet de Projet de loi 8277 iwwert d'Bezuelung vun de Garden an den Astreintë fir Spidolsdokteren. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: De Rapporteur huet 10 Minutten, d'Fraktiounen an d'Sensibilitäten hu jeeweils 5 Minutten, d'Regierung huet 10 Minutten.

Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Max Hengel, den Här Gérard Schockmel, d'Madamm Paulette Lenert, d'Madamm Lexy Schoos, den Här François Bausch, den Här Sven Clement an den Här Marc Baum.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Max Hengel. Här Hengel, et ass un Iech.

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Max Hengel (CSV), rapporteur | Merci, Här President. Mir schwätzen éreischt duerno iwwert de Wäin, soulaang drénken ech dann nach gutt Wasser vun der Sauer.

Här President, dir Dammen an dir Hären, Madamm Minister, de Projet, deen ech haut virstellen, de President huet et scho gesot, reegelt fir d'Joer 2024 de Finanzement vun de Garden a vun den Astreintë vun de Spidolsdokteren an ännert och d'Spidolsgesetz vum 8. März 2018 of.

Op de Contenu vum Text ginn ech duerno nach eng Kéier kuerz an. Ech wëll awer direkt am Ufank jiddwerengem Merci soen, dee souwuel beim Rapport wéi och bei deem ganzen Text matgeholfen huet.

Et ass e ganz witzegen Exercice, deen ech hei grad maachen, well ech si Rapporteur vun engem Gesetz, dat nach vun der viregter Regierung duerch d'Gesondheitsministesch Paulette Lenert deposéiert gouf, an zwar de 17. Juli 2023. Den 2. Oktober ass den Text an déi deemoleg Commission de la Santé et des Sports renvoyéiert ginn.

Den 10. Oktober huet de Staatsrot säin éischten Avis zum Text ofginn. A well do Opposition-formellen dra waren, waren d'Madamm Lenert an hir Léit och esou fein a frëndlech, fir eng Serie vun Amendements gouvernementaux ze preparéieren, déi dann de 24. November onverännert vun der neier Gesondheitsministesch, déi grad hannert dem Finanzminister sëtzt, der Martine Deprez, un d'Chamber geschéckt goufen.

Et war och gutt a richtig, datt dës Amendementer scho preparéiert waren, well, ech hunn et virdu scho gesot, dësen Text muss den 1. Januar 2024 a Kraaft treden, fir datt d'Spidolsdokteren hir Garden an Astreinten och am neie Joer bezuelt kréien. De 24. November ass de Projet de loi och un déi nei Kommission, déi jo dann elo Commission de la Santé et de la Sécurité sociale heescht, verwise ginn.

De 5. Dezember 2023 huet de Staatsrot säin Avis complémentaire ofginn, an de 6. Dezember sinn de Projet de loi gradwéi d'Avis vum Staatsrot an der Kommission presentéiert an och diskutéiert ginn, gradwéi och d'Avis vum Collège médical a vun der Chambre des Salariés.

De selwechten Dag huet d'Kommission mech dann och zum Rapporteur ernannt. Mä Rapport konnt den 13. Dezember 2023 eestëmmeg vun der Kommission ugeholl ginn.

Fir komplett ze sinn, weisen ech nach drop hin, datt de Collège médical den 20. September 2023 en Avis zum Text ofginn huet, an de 6. Dezember en Avis complémentaire zu den Amendementer.

D'Chambre des Salariés huet en éischte Avis den 19. Oktober ofginn, an den 11. Dezember en Avis complémentaire.

Souvill zum Oflaf vun den Aarbechten un dësem Text.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn et scho gesot: Wéinst engem Volet vun dësem Projet de loi besteet Urgence, nämlech deem vun ...

(Brouhaha)

Et ass relativ vill Kaméidi, dat ass heiansdo relativ ustrengend.

M. Claude Wiseler, Président | Dir hutt Recht, Här Hengel. Ech géif Iech ëm e bësse Rou bidden.

M. Max Hengel (CSV), rapporteur | Ech drénken an där Zäit eng Kéier.

Wéinst engem Volet vun dësem Projet de loi besteet eng Urgence, fir dësen Text ze stëmmen, nämlech de Volet, deen de Finanzement vun de Garden an Astreintë vun de Spidolsdoktere reegelt. Firwat ass do eng Urgence? Et ass esou, datt de besote Finanzement fir d'Joer 2023 duerch e Pilotprojet per Konvention tëscht dem Staat an der Fédération des hôpitaux luxembourgeois gereegelt war. Dëse Projet leeft awer elo den 31. Dezember aus.

Den éischten Objet vun dësem Text ass et also, dem nationale System vun der Indemnisation vun de Garden an Astreintë vun de Spidolsdokteren eng legal Basis ze ginn. Wat d'Organisation vun de Garden an Astreinten ugeet, esou mussen dës, wéi et am Artikel 24 vum Spidolsgesetz vum 2018 virgesinn ass, vun de Spideeler organiséiert ginn, well si den Organisme gestionnaire sinn an eeben och responsabel si fir d'Continuité des services, an d'Organisation médicale muss si definéieren, an dorënner fält d'Planifikation vun de Garden an Astreinten. Dowéinst ginn d'Indemnisationen un d'Spideeler iwwerwisen, a si gi se dann un d'Dokteren, déi Garden an Astreintë geleescht hunn, weider.

D'Käschten, déi virgesi sinn an à charge vum Staatsbudget sinn, belafe sech fir 2024 op geschate 60,5 Milliounen Euro.

Wat d'Zäiten ugeet, déi indemniséiert ginn, ass et esou, datt d'Astreinten, also d'Disponibilitéit vun den Dokteren, vun 6.00 Auer owes bis 7.00 Auer moies an der Woch indemniséiert ginn. Op Feierdeeg a weekends gi se 24 op 24 Stonne bezuelt. Den Taux horaire hei ass 4,56 Euro cote 100 vum Indice des prix à la consommation, dat si ronn 43 Euro.

D'Gardë ginn all Dag 24 Stonnen op 24 indemniséiert zu engem Taux horaire vun 10,95 Euro cote 100, dat entsprécht ronn 103 Euro. Souvill zum éischten Objet vum Text.

En zweeten Aspekt vum Projet de loi ass d'Unhiewe vun der maximaler Bettenzuel, esou wéi et an der Annex 2 vum Spidolsgesetz virgesinn ass.

Déi virgesinne Bettenzuel gëtt engersäits fir d'Gériatrie aiguë vun 120 op 195 ugehewen. Dëst ass néideg, well eis Populatioun ëmmer méi al gëtt an och ëmmer méi enger Polymorbiditéit ausgesat ass. D'Unhiewe vun de Geriatriebetter muss eng medezinnesch Versuergung garantéieren, déi de besonnesche Besoine vun dëse méi vulnerabele Leit och ugepasst ass, och duerch eng méi holistesche Prise en charge. Et ass och wichtig, mat dëser Upassung net nach ze waarden, well d'Geriatrieservicer si momentan schonn zu 95 % ausgelascht.

Wat d'Pédiatrie de proximité am CHEM, am CHdN an an den HRS ugeet, esou gi momentan scho méi Better genotzt, wéi der am Fond geneemegt sinn. Dëse Bettmangel gouf d'lescht Joer – ech mengen, Dir erënnert Iech alleguerten drun – scho relativ evident duerch déi ganz vill Fäll vu Bronchiolite bei klengen Kanner, an dofir ass et wichtig, dass mer hei

d'Bettenzuel vun 12 op 40 unhiewe fir d'Pédiatrie de proximité.

Da komme mer bei de Service national vun der Psychiatrie juvénile an den HRS. Dee muss och opgestockt ginn, well engersäits ass eis Gesamtbevölkerung gewuess an anersäits spiere mer awer nach ëmmer den Impakt vun der Pandemie op d'mental Gesondheet vun de Jonken. An dowéinst gëtt eeben hei d'Bettenzuel vu 35 op 45 ugehewen.

Da kommen ech zum drëtten Objet vun dësem Projet de loi, an dee betrëfft verschidden Ekipementer, déi der nationaler Planifikation ënnerleien.

Do ass et eng Kéier de PET Scan, ech mengen, do ass eng ganz grouss Progressioun u Patientenzuelen: Do sinn d'Zuele vun 2.233 am Joer 2010 op 6.478 Ënnersichungen am Joer 2022 geklomm; d'Auslaaschtung läit quasi bei 100 %. Ech mengen, hei ass et wichtig, datt d'Leit net laang musse waarden, an dowéinst gëtt dann eeben och d'Unzuel vun de PET Scannere vun engem op zwee ugehewen.

Fir dann och där ëmmer eeleerer Gesellschaft Rechnung ze droen, gëtt d'Unzuel vun de sougenannten „DXA-Geräter“, déi d'Knachendicht moossen, vun engem op dräi ugehewen.

Souvill zum Contenu vum Text. Erlaabt mer just nach ganz kuerz e puer Wieder – ech hunn nach e bëssen Zäit Rescht – zu den Avisen zum Text respektiv zu den Amendementer.

Am éischten Avis vum Staatsrot huet déi héich Kierperschaft sous peine d'opposition formelle drop higewisen, datt eng Rei prezis Definitioune feelen, wat zum Beispill d'Terme „Garde“, „Astreinte“, „Temps de présence effective“ an „Temps de disponibilité“ ugeet.

Dann huet de Staatsrot och nach gefuerdert, datt d'Zuel vun de geleeschte Stonnen, déi indemniséiert ginn, och soll am Projet de loi integréiert ginn.

De Staatsrot war och am éischten Avis der Meinung, datt deen éischten Artikel vum Projet de loi superfetatoire wär, aus deem Grond, datt am Fond den Artikel 3 initial, elo Artikel 2 nouveau, d'Krittäre fir d'Mise en place vun engem staatleche Finanzement vun der Indemnisation vun de Garden an Astreintë festhält, an dowéinst wär den Artikel 1 superfetatoire.

An den Amendements gouvernementaux, déi jo, wéi ech virdu gesot hunn, nach vun der Madamm Lenert virbereet goufen, gouf den Artikel 1 awer bäibehalen, mam Argument, datt déi nei Regierung, déi aus de Wale vum 8. Oktober géif ervirgoen, sollt de maximale Montant fir d'Joren no 2024 fixéieren. Am Avis complémentaire vum 5. Dezember huet de Staatsrot och all seng Opposition-formellen opgehewen.

Dann nach kuerz e puer Wieder zum Avis vum Collège médical. Dee weist sech averstane mam Unhiewe vun de Better gradsou wéi mam Uschafe vun engem zweete PET Scan. Hei wëll ech nach dervu profitéieren, fir ze soen, datt am Fond d'Uschafe vun den zwee zousätzlechen DXA-Geräter eréischt duerch d'Amendementer am Text integréiert ginn ass.

Méi kritesch huet de Collège médical sech beim Choix vun de Ligne-de-garden, déi indemniséiert ginn, gewisen, gradsou wéi beim Volume horaire. An des Weideren hu se sech och nach Gedanken iwwert de Statut vun den Doktere gemaach. Am Avis complémentaire vum 6. Dezember ass de Collège médical awer mat den Amendementer averstanen, verweist awer nach eemol op seng Kriticke vum éischten Avis.

D'Chambre des Salariés begréisst an hirem Avis vum 19. Oktober de Projet de loi, ass awer der Meinung, datt d'Regierung de Besoin u Better géif ënnerschätzen, an donieft weist se drop hin, datt dëse

Projet d'Ursaache vun der Penurie vun de Gesondheitsberuffer net géif bekämpfen. Am Avis complémentaire vum 11. Dezember ass d'Chambre des Salariés awer averstane mat den Amendementen, verweist awer och nach emol op hir Remarken aus dem éischten Avis.

Kolleginnen a Kollegeen, souvill zu mengem Rapport. Ech doen dann elo ... Ech weess net, ech doen da meng Rapportierhoer aus, déi hunn ech schonn ausgedoen, dann doen ech elo meng Kap vum Fraktiounssprecher un a ginn dann och den Accord vun der CSV-Fraktioun, an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Hengel, fir Äre schrëftlechen an Äre mëndleche Rapport.

An deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gérard Schockmel. Här Schockmel, et ass un Iech.

Discussion générale

M. Gérard Schockmel (DP) | Här President, Léif Kolleginnen a Kollegeen, zu engem funktionéierende Gesondheetssystem gehéiert et, datt Garden an Astreintë gelescht ginn, an dat 7 Deeg an der Woch a 24 Stonnen all Dag.

An dem Spidolsgesetz vun 2018 steet dann och, datt d'Doktere Garden an Astreinten ze leeschten hunn, an dat hunn eis Dokteren och gemaach. E Problem war allerdéngs, datt si dofir net bezuelt goufen. Dat féiert och zu engem Akommesverloscht, well en Dokter, dee Garden an Astreintë mécht, kann natierlech keng Operatioune plangen oder Rendez-vous festleeën, an en Dokter, deen déi ganz Nuecht iwwer geschafft huet an den Dag drop moies seng Praxis zoumécht, huet och keen Akommes.

Fir dëst Joer gouf et dann dee Pilotprojet, eng Konventioun zwëschen dem Gesondheitsministère an der FHL fir eng Indemnisation vun de Garden an Astreintë fir d'Dokteren. Mee dee leeft natierlech elo aus um Enn vum Mount. Haut stëmme mer iwwer e Gesetzesprojet of, deen déi Indemnisation dann elo definitiv am Gesetz festschreiwe soll. Fir d'éischt fir 2024, mee dat soll duerno natierlech verlängert ginn, an och de Montant kann ugepasst ginn, jee nodeem, wéi d'budgetär Verhandlungen a wéi d'Bedürfnisser sinn.

Et bleiwen oppe Froen, zum Beispill bei der Astreinte. Eng Astreinte op 24 Stonnen, dovunner ginn nëmmen 13 Stonne bezuelt, déi vu 18.00 Auer owes bis 7.00 Auer moies. Dat heescht, 11 Stonne vun der Astreintë während der Woch sinn net bezuelt. Dat ass natierlech net zefriddestellend. An da muss natierlech och opgepasst ginn, datt, wa gewësse Spezialitéiten elo nach keng Indemnitéit kréien, an enger zweeter Phas esou séier wéi méiglech nogebessert gëtt, soudatt jiddwereen, dee Garden an Astreintë prestéiert, dat och bezuelt kritt.

An zwee Joer soll de Spidolsplang reforméiert ginn, iwwerschaft ginn, an dat ass natierlech e gudde Moment, fir op Basis vun deenen Erfarungen, déi mer bis dann hunn, Adaptatiounen ze maachen, wat d'Garden an Astreinten ubelaangt.

Här President, och d'Bettenzuel gëtt erhéicht an dat begrësse mir natierlech ganz ausdrécklech als DP. Dat betrëfft jo dann d'Akutbette Geriatrie, dat betrëfft d'Pédiatrie, och déi juvenill Psychiatrie um Kierchbiereg. Baséierend op de Chifferen 2022–2024 soll erëm eng Analys duerchgefëhrt ginn a fir eis, fir d'DP, ass et ganz wichteg, datt déi Bettenzuel reegelméisseg ugepasst gëtt un d'demografesch Entwécklung hei am Land.

An der Gesondheitskommissioun hat ech dann och e puer Prezisiounen gefrot an op e puer Problemer higewisen. D'Indemnitéite ginn net un den Dokter bezuelt, mee un d'Spidol. Hei muss natierlech sécher gestallt sinn, datt den Dokter och den integrale Montant kritt, wéi et virgesinn ass, an doraus dierf och keen Ugestallteverhältnis ofgeleet gi fir liberal praktizéierend Dokteren.

Eppes, wat och oppe steet, dat ass d'Haftpflichtversicherung. Den Dokter huet eng, d'Spidol huet eng, an am Moment muss dann an all eenzele Fall gekläert ginn, wéi déi zwou intervenéieren. Et wier méi einfach, zum Beispill ze soen, datt d'office déi zwou Haftpflichtversicherungen, déi vum Dokter an déi vum Spidol, zu gläichen Deeler intervenéieren, wann e Versicherungsfall antrëtt.

An dann hunn d'Dokteren och während de Garden Honorairen, déi net bezuelt ginn, an do hu mer elo d'Versécherung kritt, datt awer an de Spideeler d'Sozialservicer sech wäerte beméien, fir datt déi Situation regulariséiert gëtt.

Här President, Garden an Astreintë si weesentlech fir eng gutt Versuergung vun eise Patienten, Dag an Nuecht, während der Woch, de Weekend, de Feierdeeg, an et ass gutt, datt d'Indemnitéit, also d'Entscheidung, d'Finanzéierung vun deene Garden an Astreinten, elo gesetzlech verankert gëtt.

Mir wëllen als DP eis Unerkennung net nëmmen den Dokteren aussprechen, mee allen anere Gesondheitsberuffer och. A bei hinnen ass besonnesch drop ze uechten, datt d'Reform vun hiren Attributiounen elo ouni Verzögerung an Ugrëff geholl gëtt.

Meng Fraktioun gëtt heimat hiren Accord fir dese Gesetzesprojet, an ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Schockmel. Déi nächst ageschriwwene Riednerin ass d'Madamm Paulette Lenert. Madamm Lenert.

Mme Paulette Lenert (LSAP) | Merci, Här President, a merci och dem Rapportier fir deen ausféierleche Rapport zu engem Projet, deen, wéi Der ënnerstrach hutt, mir elo net onbekannt ass. Et ass e Projet, wou vill dran investéiert ginn ass. Et ass och e Meilesteen, kann ee soen, am Beräich vun der Spidolsmedezinn hei zu Lëtzebuerg, wéi den Dokter Schockmel et scho richtig gesot huet.

Historesch gesinn, sinn ëmmer Garde gemaach ginn an ofgehele ginn, d'Bereitschaftsdéngschter sinn net eréischt elo erfondt ginn. Mee et sinn zwee nei Momenter. Dat war ni eng Virschrëft vusäite vum Gesetzgeber an et ass ee sech iergendwéi eens ginn. Dat war am Géigenzuch zu enger gratis Bereetstellung vun de Plateau-techniquen, et sinn Éischt-Klass-Tarif fer ageféiert ginn, bref, et war eppes, awer net dat Richtegt.

Deen neie Moment, dee komm ass, dat ass, datt de Legislature, dat Haus hei, verlaangt huet, wéi déi Garden an Astreintë sollen ofgehele ginn, och mat Strofbestëmmungen, déi drop sinn, dat heescht, eng Verflichtung fir d'Dokteren. An am Géigenzuch schéngt et normal, dass een dat dann och remuneréiert als Gesellschaft.

D'Spidolsmedezinn fuerdert vill vun den Dokteren. Dat ass e ganz spezielle Kontext, wou Imprevue sinn, wou ee muss nuets Déngscht halen, wou een ni weess, wat genau usteet. An dat soll een och honoréieren, dat soll honoréiert ginn. Op där Toile de fond sinn déi Diskussiounen lassgaangen.

Ech hat d'Éier, wéi ech ugefaangen hunn als Gesondheitsministesch, effektiv op deem doten Dossier direkt zesumme mat der AMMD ze schaffen, a mir sinn och als LSAP der Meinung, dass dat eng Selbstverständlechkeet ass, dass déi gelescht Aarbecht, déi verlaangt gëtt iwwert d'Gesetz, och remuneréiert gëtt duerno. Natierlech sinn Diskussiounen komm iwwert de Scope, wéi ëmmer, wann eppes nei ass. Wien ass couvréiert, wien net? Dat muss sech fannen. Dofir och déi Approche vun engem Pilotprojet, fir erauszefannen, ob dat de Realitéiten entsprécht, dat Ganz am Dialog.

Dat ass och dat, wat mir eis fir d'Zukunft wënschen: dass deen Dialog oprechtgehele gëtt. E Gesetz ass ni a Stee gemeesselt, dat ass do fir ze liewen a mir kënnen nëmmen encouragéieren, dass och weider den Dialog gesicht gëtt, fir ze kucken, ob dat doten dat ass, wat et brauch.

Déi budgetär Envelopp, natierlech, dat ass ëmmer eng Fro vu Verhandlungen. Déi si geféiert ginn a relativ schnell och op en Enn bruecht ginn, bon, aus zwee Grënn.

Et war wichteg, hei ze remuneréieren, fir dass mer aus de Startlächer kommen. Dat heescht, do konnt een net onendlech laang, jorelaang verhandelen, well mer wirklech wollten, dass déi Gelder sollte fléissen, dass se deene Leit sollten zeguttkommen.

An dat anert ass, dass ee sech natierlech och als Ressortminister muss no där Decke strecken, déi engem accordéiert gëtt. Dat ware schwierig Diskussiounen. Natierlech hu mer en Accord fonnt op engem Montant, deen eebe konnt zu enger Ënnerschrëft féieren, wat een och elo hei zrëckféint. An ech sinn och frou, dass deen Text tel quel iwwerholl ginn ass vun där neier Regierung, mat enger Enveloppe, déi dach considerabel ass, déi sécher elo net genau den Uspréch entsprécht, déi ugeféiert gi sinn, mee ëmmerhin ass en Accord mat der FHL fonnt ginn. A vun eiser Säit aus kënne mir dat nëmme begrëssen.

Och den zweite Volet vun deem Projet, d'Better, ass ugeschwat ginn. Mir sinn an engem Land, wou d'Bevëlkerung extrem gewuess ass iwwert déi lescht Joren. Et muss ee sech bewusst sinn, dass dat vill Previsiounen gesprengt huet. Ech géif gären nach eng Kéier ënnersträichen, dass keng Better ofgebaut gi sinn, och wann dat gären ëmmer erëm widderholl ginn ass, grad während der Walcampagne. Dat ass net richtig!

Et sinn néierens Better ofgebaut ginn. Mir si just als Bevëlkerung natierlech immens gewuess. An et ass och wichteg gewiescht an eisen Aen – an dofir sinn ech och ganz frou, dass dat doten elo opgegraff gouf an och tel quel vun der neier Regierung guttgeheescht ginn ass –, elo kuerzfristeg do, wou et wirklech brennt, schonn d'Better an d'Luucht ze setzen, wëssend, dass déi richtig Echeance fir déi nächst Evaluatioun d'nächst Joer wäert sinn, wou een opgrond vun der Documentation hospitalière Projektiounen ka maachen, déi dann och hoffentlech hei zu Debatte wäerte féieren. Dat ass net ze ënnerschätzen! Et muss ee vorausschauend sinn. Mee déi Better, déi hei eropgefuert gi sinn, eebe grad an der Jugendpsychiatrie, an der Geriatrie, bei den Eeleren an och an der Pédiatrie de proximité, dat war absolut noutwendeg, wann een d'Situatioun kuckt, wéi se war!

Am Moment stéisst dat Ganz natierlech och un d'Grenze vun den Infrastrukturen, mee et ass eng Saach, déi sécherlech gutt ass, an op alle Fall wäert Der vun eiser Säit aus eisen Accord kréien zu deem Projet, den Accord vu menger Fraktioun. Mir begrëssen, dass de Projet ganz schnell esou weidergereicht ginn ass, wéi e preparéiert war. Dat ass am Sënn vum System.

An ech kann ofschléissend nëmme meng Nofollgerin, d'Gesondheitsministesch, encouragéieren, fir och standhaft ze bleiwen an den Negociatiounen. Et ass net ëmmer einfach an et soll ee sech d'Gesondheet eppes kaschte looszen. Do muss ee ferm bleiwen, och wann dat heiansdo schwiereg Diskussiounen sinn an enger Koalitioun. Et ass wichteg, dass weider an d'Gesondheet investéiert gëtt. Eis Ënnerstëtzung hutt Der op alle Fall an där Hisiicht.

Villmools merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Lenert. Déi nächst Riednerin ass déi honorabel Madamm Lexy Schoos.

Mme Alexandra Schoos (ADR) | Merci, Här Präsident. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi alleguer meng Virriedner begrëssen och mir de Gesetzesprojet vum Finanzement vun de Garden an Astreinté souwéi d'Erhéijung vun der Unzuel u Better an déi dräi zousätzlech Apparater, déi ugeschaaft ginn.

Ech wäert mech hei a menger Ried haaptsächlech op den éischte Volet, op de Finanzement, bezéien, oder ausschliisslech souguer. Ech fannen et, oder mir fannen et ganz normal, dass, wann op eemol – bon, net op eemol – eng Regulatioun vu Garden an Astreintén an e Gesetz opgeholl gëtt, dann och eng Remuneratioun do muss matgoen. A wann een dann och nach vu Strofbestëmmunge schwätzt, ëmsou méi! Virdrun huet dat och ëmmer geklappt, d'Dokteren hunn dat organiséiert, an et ass elo an d'Gesetz komm. Dat heescht, mir mussen eng Remuneratioun do virgesinn.

Wéi d'Madamm Lenert grad gesot huet, gëtt vill gefuerdert vun eisen Dokteren. Dofir empfangen ech et ëmsou méi – an ech zitieren do d'Dokteren, mat deenen ech geschwat hunn – als e Schlag an d'Gesicht, dass déi budgetär Envelopp un d'Organismes gestionnaires soll iwwerwise ginn. Mir hu grad héiere vum Här Hengel, datt dat ass, well den Organisme gestionnaire déi ganz Organisatioun vun deene Garden an Astreinté soll iwwerhuelen. Souwäit ech informéiert sinn, ass Pabeier gedéleg an um Terrain leeft dat e bëssen anscht of. Et sinn am Fong d'Dokteren direkt, déi an de spezifesche Servicer hir Garden an Astreintén organisieren. Och wa mol een ausfällt, kucke si, dass si sech organiséiert kréien, an et geet keen erop bei d'Direktioun kräischen, dass se elo e Mangel hunn.

Am Kader vun deem Organisme gestionnaire sinn nach e puer aner Problemer. Dat heescht, am Fong sinn déi Suen an der Hand vun de Spideeler. Eiser Meenung no kann domat e gewëssenen Drock op d'Dokteren ausgeübt ginn an och Sanktiounen als Konsequenz hunn, wéi et jo och am Gesetz virgesinn ass.

Anerersäits stelle mer eis och d'Fro, wien dann decidéiert, wie Garden oder Astreintén – wann ech just vun deem enge schwätzen, mengen ech och ëmmer dat anert – dierf maachen a wie remuneréiert gëtt. Well mir wëssen och: D'Zuel ass limitéiert fir dee Budget. Am Total waren et 60,5 Milliounen fir 34 Garde plus 4 als Backup. Wat ass, wann déi Unzuel Garden iwwerschratt gëtt? Wien decidéiert dann, wéi een Dokter elo ausbezuelet gëtt a wéi een net? A wien ass schlussendlech wierklech responsabel fir d'Garantie vun deene Garden a vun deenen Astreintén?

Dann, am Koalitiounsaccord – et zitt sech vun Ufank bis zum Enn – schwätze mer vun enger Simplification administrative. Hei brauche jo awer elo d'Organismes gestionnaires, d'Spideeler, eng zousätzlech Verwaltungsstruktur, fir déi ganz Verwaltung vun de Garden an Astreintén auszuféieren. Mir hoffen, dass déi Leit, déi dann elo do vläicht agestallt ginn an de Spideeler,

déi dat dann organisieren sollen, wann dat da wierklech esou ass, net vun där Enveloppe budgétaire bezuelet ginn, déi am Fong fir d'Garden an d'Astreinté vun den Doktere virgesinn ass.

Dann hat och de Collège médical e Commentaire gemaach zu den Ongläichheiten, wat d'Steiere betrëfft, tëscht de Salariéen a Prestataire-de-servicen, well mir hunn déi zwee Fäll bei den Dokteren hei am Land. Hei stelle mir och d'Fro am Fong: Wann e Spidol Gestionnaire ass, ass dann den Dokter eventuell dach an engem Salariéverhältnis a muss dann och esou besteeiert ginn, an net an als Prestataire de service? A wien decidéiert dat? Och d'Spidol oder een aneren?

Wa mer vun de Salarié schwätzen, ass et ganz interessant, ob d'Astreintén an d'Garden iwwereneekomme mam Aarbechtsgesetz, oder kënnen iwwerenee kommen, well mer e Manktem hu vun Dokteren. D'Aarbechtsgesetz schreift vir: am Ugestallteverhältnis net méi wéi 48 Stonnen. Mir hu schonn e Manktem un Dokteren, bei zwou Astreinté komme mer op 26 Stonnen, a wa mer vu Garde schwätzen, da schwätze mer scho vun 48 Stonnen. Da si mer schonn um Enn. En Dokter, deen zwou Garde mécht an der Woch, deen ass färdig an där Woch, wann en am Salariatsverhältnis ass, fir nach weider ze schaffen. Do hat jo och schonn den Här Clement d'lescht Woch déi Remark gemaach, an och, wéi et bei den Astreintén ass, wa se am Ausland sinn. Zielt dat als Aarbechtszäit? Dat muss ganz kloer gekläert ginn, wéi déi Astreintén unzagesi sinn.

Ech wëll awer net nëmme vusäie vun den Dokteren schwätzen, mee et ass och e Problem, dee sech vläicht fir den Organisme gestionnaire stellt: Wéini kritt deen déi Enveloppe budgétaire? Muss deen a Virleeschung treden an déi Garden an Astreintén ausbezuelen?

An dann nach ganz kuerz – meng Zäit ass ofgelaf, ech gesinn dat grad –, den Här Schockmel hat et scho gesot: Et sinn net all d'Dokteren erfaasst! Ech wollt just soen: D'Zänn doktere falen net an dee Garde- an Astreintésystem eran. Dat heescht, do mussen mer onbedéngt kucken, dass sech och mat deenen ausereneegesat gëtt, d'nämmlecht wéi d'Deierendokteren.

Also, mir stëmmen elo derfir, mir hoffen awer, dass, wa mer an engem Joer de Bilan zeien, mer do och nach ëmmer derfir kënnen stëmmen, wann déi Suen och wierklech bei den Dokteren ukomm sinn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Schoos. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här François Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch (déi gréng) | Merci, Här Präsident, fir d'Wuert. Merci och dem Rapportier fir säi gudde schrëftlechen a mündlechen Rapport. An ech mengen, et ass relativ kloer. Wéi de Rapportier et gesot huet, sinn et dräi Elementer, déi an deem Gesetzesprojet dra sinn, an dat sinn och dräi Elementer, déi wichteg si fir d'Qualitéit vun de Servicer, déi sollen ugebuede ginn. Hei geet et zwar an deem Fall am Haaptdeel ëm d'Garden an ëm d'Remuneratioun vun deene Leit, déi d'Garde mussen assurieren, mee et sinn och Froen dran iwwert d'Qualitéit am Zesummenhang mat de Better am Spidol, an de Spideeler, déi eropgesat gi sinn, respektiv vun Apparater, déi ugeschaaft gi sinn.

Dat alles si wichteg Elementer, mee leider gëtt et nach en anert wichtegt Element, iwwert dat ass nach net vill de Mëtteg hei geschwat ginn: Fir datt dat Ganz funktionéiert, muss een och Personal hunn!

Et ass natierlech wichteg, datt d'medezinnescht Personal gutt bezuelet gëtt, wann et eng Déngschtleeschung bréngt. Mee et kann een nach esou vill Apparater a Better hunn an nach esou vill Remunerationsméiglechkeeten, wann et u Leit feelt, un Dokteren oder u medezinneschem Personal en général, dann ass et natierlech schwiereg, fir déi Leeschtunge kënnen unzibidden. An dat ass ee vun de groussen Problemer, dee mer, mengen ech, hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer hunn.

An ech wëll och do soen, wann ech heiansdo hei Rieden héieren: „Mir mussen d'Immigratioun stoppen, mir musse kucken, dass mer eis éischter méi zou maachen, mir dierfe manner op d'Ausland setzen!“, da stellen ech mer d'Fro, virun allem am Gesondheitsberäich, wéi dat géif goen, wëssend, datt, wa mer dat géifen uwennen, mer relativ séier zu Lëtzebuerg géife verhéieren an eise Spideeler, an eise Gesondheitsinfrastruktur generell, well mer de Moment iwwerhaupt guer net d'Potenzial am Land hunn, fir kënnen aus eegener Kraaft déi néideg Qualitéits-servicer unzibidden.

An duerfir brauche mer Oppenheet. Mir musse kucken, wéi mer d'Formatioun duerfir ausbauen, virun allem op der Uni ausbauen, fir datt mer déi néideg Fachleit op Lëtzebuerg unzéien. Iwwerhaupt, dat gesamt Gesondheitspersonal ass extrem wichteg, wa mer gären all déi Problemer, déi et reell gëtt an eisem Gesondheitswesen, déi net ze niéiere sinn, geléist hätten.

An do brauche mer eng gesamtheetlech Strategie, wéi een dat kann ugoen. An déi gesi mer de Moment nach ëmmer net ganz. Et gëtt zwar effektiv en Zéngjoresplang, deen ënnert där leschter Regierung ausgeschafft ginn ass, mee et feelt eis nach un Detailer vun der Gesamtstrategie, wat d'Formatioun ubelaangt.

An da kommen ech och bei d'Fro vun der Attraktivitéit vum Doktescheruff, virun allem an deem heite Kontext a virun allem och am Kontext, wou mer dann iwwert de Virage ambulatoire schwätzen. D'Ministesch huet zu Recht an der Kommissioun gesot: „Dat hei huet jo am Fong net direkt eppes domadder ze dinn.“ Et ass eng indirekt Konnotatioun sécherlech do, mee dee Virage ambulatoire, dat ass vill méi komplex a vill méi komplizéiert, an do stelle sech ganz aner Froen.

A virun allem stelle sech zum Beispill Froen am Zesummenhang mat der Attraktivitéit vun de Spideeler fir d'Dokteren. An ech muss soen, ech hunn de Moien de Jean Reuter um Radio héieren. Eigentlech brauch ech deem näischt bäizefügen. Ech géif jiddwerengem uroden, em entweder nozelauschten oder op RTL ze lisen, wat am Resümee steet, wat en do seet. Menger Meenung no treëft dat den Nol op de Kapp. An da gesäit een awer och schonn, wéi komplex datt dat wäert ginn, wa mer an Zukunft alleguerten zesumme wëllen e Gesondheitssystem opstellen, deen eng héich Qualitéit huet.

Fir de Rescht gi mir natierlech d'Zoustëmmung zu deem Projet. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Bausch. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement. Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Här Präsident, léif Kolleeginnen a Kolleegen, gi eis geet deen heite Projet de loi an déi richteg Richtung. Datt d'Garden an d'Astreintén an de Spideeler bezuelet mussen ginn, dat ass u sech jiddwerengem kloer. Datt mer dat elo an d'Gesetz schreiwen, ass u sech och – an dat hunn d'Virriednerinnen an d'Virriedner jo erkläert – historesch gewuess. An elo maache mer de Point. Wann een dat beziele wëllt, da muss een och d'Geld an de Grapp huelen, an duerfir ass dee betreffende Montant jo och an d'Gesetz geschriwwen ginn.

Dat heiten ass also eng Mesür, déi am Interêt ass vun der Attraktivitéit vum Gesondheitswiesen, fir datt mer d'Attraktivitéit héichhalen a fir datt mer déi Attraktivitéit och weider férdere. Mee fir géint d'Penurie vum Personal an de Spideeler virzegoen, mussen awer nach vill aner Mesüre matergraff ginn. Dat ass awer haut net d'Thema an ech wäert elo net e groussen Exkurs doriwwer maachen; mir wäerten, mengen ech, an den nächste Méint a Joren nach oft genuch doriwwer schwätzen.

Wat fir eis Piraten dann awer ganz besonnesch wichtig ass, au-delà vun den Astreinten a vun de Garden, dat ass, datt mat dësem Projet de loi d'Unzuel vu Better, déi maximal hei am Land a verschiddene Spezialitéite respektiv Servicer erlaabt sinn, an d'Luucht geet.

Déi Lëtzebuerger Populatioun ass an deene leschte Jore massiv gewuess, an net nëmmen d'Populatioun, mee och d'Leit, déi hei schaffen, déi heihinner schaffe kommen, déi awer op där anerer Säit vun der Grenz wunnen, eis Frontalieren, déi an d'Lëtzeburger Krankkeess cotiséieren an domadder och hei zu Lëtzebuerg däre Soinen an Usproch huelen. An deem muss natierlech an eise Spideeler Rechnung gedroe ginn.

Dat aalt Gesetz ass vun 2018. Deemools hat Lëtzebuerg 607.950 Awunner. Op den 1. Januar 2023 waren et der 660.809. Dat sinn der bal 53.000 méi, dat sinn 9 %. Waren an der Pédiatrie de proximité 2018 nach maximal zwielef Better méiglech – dat war ee Bett op 50.662 Awunner! –, sinn et der 2023, wa mer dat heiten dann elo gestëmmt hunn – an ech mierke jo, datt eng ganz breet Zoustëmmung do ass –, maximal 40, an domadder ee Bett op 16.520. Dat ass e Quantesprung, an dat geet an déi richteg Richtung!

Gläichzäitig muss een awer dobäi bedenken, datt dat net automatesch heescht, datt et déi Better och an der Realitéit gëtt. Mir erlabe se, a mir hunn an deene leschte Joren oft gemierkt, datt et zwëschent Erlaben, Bauen an dann och d'Personal dofir fannen, awer heiansdo e Couac gëtt. Déi Leit fale jo net vum Himmel! An ech mengen, dat hu mer och déi lescht Jore gemierkt.

An da begrësse mer trotzdem, datt hei eng Croissance ass, grad déi zéng zousätzlech Better an der Psychiatrie juvénile. Mir schwätze vill iwwer Mental Health. Et ass also wichtig, datt mer net nëmmen driwwer schwätzen, mee eis och tatsächlech d'Moyene ginn, fir de Leit ze hëllefen.

Mir mussen awer och derfir suergen, datt dës Better dann och an der Realitéit bei de Spideeler ukommen. Wéi maache mer dat? Do ass et erëm d'Attraktivitéit vum Gesondheitsberuff, dat ass: Duerfir suergen, datt mer optiméieren, duerfir suergen, datt de Beruff attraktiv bleift duerch d'Remuneratioun, duerch d'Aarbechtszäiten, duerch d'Aarbechtskonditiounen. Bref, et geet drëm, datt mer méi Leit kënnen rekrutéieren, fir déi Aarbecht ze maachen.

Wa mer eis dat Ganzt ukucken ... Ech ginn elo net op dat onsäglecht Thema vun der Knochendichtemesung an, dat hu mer hei och schonn déi lescht Méint laang a breet diskutéiert. Et ass gutt, datt mer déi zwee Geräter bäikréien. Och do geet et hoffentlech dohin, datt déi Delaien dann erofginn. Normalerweis misste mat zwee Geräter méi jo dann d'Delaien erofgoen.

Mir mussen eis einfach bewosst sinn, datt dat heiten erëm, wéi esou oft, en éischte Schrëtt ass, fir deelweis Retarden, déi mer iwwert déi lescht Joren e bëssen accumuléiert hunn, opzeschaffen.

Dat ass awer elo d'Infrastruktur. Elo muss mer dat mat Liewe fëllen. An dat, mengen ech, Madamm

Ministesch, gëtt Ären Challenge fir déi nächst fënnf Joer, fir déi Better, déi mer elo schafen, dann och reell ukommen ze loosse a mat dem néidege Personal ze ekipéieren, fir datt se och fir Patientinnen a Patienten disponibel sinn.

Mir stëmmen dat heite mat. Ech soen Iech Merci.

M. Marc Goergen (Piraten) | Ganz gutt!

M. Claude Wiseler, Président | Merci dem Här Clement. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Baum (déi Lénk) | Merci, Här President. Ech kann et och relativ kuerz maachen. Als Lénk ënnerstëtze mir den heite Projet natierlech och. An ouni alles dat ze widderhuelen, wat meng Virriednerinnen a Virriedner scho gesot hunn, géif ech vläicht just op dräi Elementer agoen.

Ech mengen, datt d'Fro vun der Finanzéierung eng wichteg ass an datt eng nohalteg Finanzéierung vun de Garde muss eng sinn, déi och laangfristeg geplangt ass. An dësse Projet de loi geet an där heiter Fro sécher an déi richteg Richtung. Mee iwwert déi staatlech Finanzéierung eraus misst garantéiert ginn, datt et, éischters, en Evaluatiouns- an Adaptatiounssystem gëtt, fir op Dauer reegelméisseg kënnen déi finanziell Moyenen unzepassen un d'Besoin vum Terrain an, zweetens, och sécherstellen, datt d'Finanzéierung vun de Garden an Astreinten net spéiderhin eventuell eng Kéier kéint op d'Krankekeess iwwerdroe ginn an domadder aner Problemer schafe géif, also méi Problemer eventuell schafe géif, wéi se kéint léisen.

D'Fro stellt sech awer och méi generell bei der Fro vun de Better: Wat sinn déi Instrumenter, fir Evaluatiounen a Statistiken ze maachen, wéi d'Besoin sech an Zukunft wäerten entwéckelen? Sinn déi Moyenen, déi mer do hunn, adaptéiert? Musse mer net och dat selwer nach eng Kéier hannerfroen? Also, anescht gesot, wéi ass d'Verhältnis tëschent Offer an Demande an engem Spidolssystem, dee selwer awer och an enger permanenter Evaluatioun ass? Dat ass net evident. An dat huet jo och derzou gefouert, datt notament d'Salariatskummer gesot huet: „Mir sinn eigentlech net à même, fir kënnen anzuschätzen, ob déi doten Zuel genuch ass, ob dat duergeet oder net.“

An déi drëtt Remark, déi ech maache wollt, ass déi, datt d'Fro vun de Garden natierlech och indirekt d'Fro stellt vun der Entlaaschtung vun den Urgencen. An d'Maison-médicallen, do stellt sech déi grouss Fro, awéiwäit déi et wierklech fäerdegbruecht hunn an der Vergaangenheet, zur Entlaaschtung vun den Urgencen bäizedroen. Eng Evaluatioun, mengen ech, wier och hei gefrot, an et wier och wichtig, sech Gedanken ze maachen, wéi do d'Entwécklung kéint sinn.

Effektiv, ëmmer dee groussen Elefant am Raum an deenen Diskussiounen ass d'Personal. Et geet net nëmmen duer, anstänneg ze bezuelen. Dat ass sécherlech och wichtig, mee et muss een et virun allem och fannen, fir déi Aarbecht kënnen ze maachen.

Wéi gesot, dësse Projet de loi ass e klengt Puzzlestéck doranner, a mir ënnerstëtzen en.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Baum.

Dann huet elo d'Gesondheits- a Sécurité-sociales Ministesch d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

Mme Martine Deprez, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale | Merci, Här President. Et ass déi éischte Kéier, dass ech hei e Rapport vun engem Projet de loi begleeten. Ech soe fir d'éischt mol dem Rapportier Max Hengel villmools Merci fir déi gutt Ënnerstëtzung an der Kommissiounssitzung a fir dee komplette Rapport. Villmools merci un de Max. Ech hoffen, datt mer esou viruschaffen.

Da soen ech och Merci all de Kontributiounen, déi hei gemaach gi sinn. Dir hutt am Fong geholl scho bal dee ganze Programm fir déi nächst fënnf Joer opgesot, dee mer zwar muer an der Chamberskommissioun eréischt ofschléissen, d'Presentatioun vum Accord de coalition. Mee Dir hutt schonn alles mat op de Wee ginn, wat mer an deenen nächste fënnf Joer um Plang stoen hunn.

Merci och der viregter Gesondheitsministesch fir de Relais, dee se organiséiert huet. Dat hei war ganz einfach, d'Amendementer ware geschriwwen. Ech hunn net vill musse maachen, ech hu just musse begleeten.

An ech si frou, datt ech bei menger éischter Intervention zu engem Projet de loi kann op 100 % Zoustëmmung hei aus dem Haus zielen. A mäi Wonsch wier, datt dat déi nächst fënnf Joer esou géif weidergoen.

(Hilarité)

Mee ech sinn awer net ganz blauäugig. Ech mengen, mir kréien nach ganz interessant Diskussiounen, an ech freeë mech op all déi Diskussiounen. A merci elo mol dofir, de Mëtten deen heite Projet ze stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Minister. Domat wär dann d'Diskussioun ofgeschloss.

A mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8277. Den Text steet am Document parlementaire 8277^o.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8277 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmen fänkt elo un. D'Votes par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

D'Resultat ass dat follgend: Jo-Stëmmen: 60. Follgendermoosse keng Nee-Stëmm a keng Abstentioun.

De Projet de loi ass also eestëmmeg ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles (par M. Marc Lies), Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marc Spautz) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. Gusti Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par Mme Corinne Cahen), Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusti Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closerer, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Georges Engel, Franz Foyot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat also esou decidéiert.